Informatioun vun der Landwirtschaftskammer

Validitéit vun den Vignetten fir landwirtschaftlech Gefierer

Eng Reih Gefierer am landwirtschaftlechen Beraich sin net méi “en règle” waat hir Vignette betrefft, also hir Erlaabnis fir duerch den Verkéier ze fueren. Op Ufroo vun den Acteuren huet d’SNCA folgend Erklärung avancéiert.

Deementsprechend ass all Bauer härzlech invitéiert d’Validitéit vun sengen Autorisatiounen ze kontrolléieren. Am Fall wou d’Vignette ofgelaaf ass sin d’Démarchen, déi vun der SNCA beschriwen sin, ze verfolgen.

Eng Reih landwirtschaftlech Betrieber argumentéieren daat se den Rappel vun der SNCA net gescheckt kruuten. Mir bieden also den Oflaafdatum vun ären Vignetten am Aan ze behaalen an der Landwirtschaftskammer Bescheed ze soen wann der mierkt daat den annoncéierten Rappel, ongefeier 3 Méint virum Oflaaf vun der Vignette – also géint September/Oktober, net unkomm ass.

<u>Äntwert an Instructiounen vun der SNCA, 10 Mee 2021</u>

“ Gefierer, déi regulär ugemellt sinn, awer net dem “contrôle technique périodique” ënnerleien, mussen eng gülteg Vignette de conformité hunn. Dat ass esou am règlement grand-ducal du 26 janvier 2016 relatif à la réception et l’immatriculation des véhicules routiers am Artikel 7, Paragraphe 1, Alinéa 4 definéiert (Ech hunn Iech dësen Deel vum Art.7 vum Reglement hei elo kopéiert)

Règlement grand-ducal du 26 janvier 2016 relatif à la réception et l’immatriculation des véhicules routiers

Art.7.

(1) .....

<u>Les véhicules soumis à l’immatriculation au Luxembourg sans être soumis au contrôle technique périodique en vertu des dispositions de l’article 4bis de la loi précitée du 14 février 1955, ne peuvent être mis en circulation sur la voie publique que sous le couvert d’une vignette de conformité en cours de validité.</u>

Dës Gefierer waren mat esou enger Vignette de conformité ugemellt, dës Vignette hunn awer een Oflaf Datum. Dat ass ëmmer den 31 Dezember, well d’ Vignette si millésimeiert, a si fir d’éischt gültege dat Joer wou se ausgestallt gëtt + 4 Joer, duerno ginn se ëmmer fir 5 Joer verlängert an lafen ëmmer bis den 31 Dezember vum jeeweilege Joer. Et muss een virum Oflafen vun dëser Vignette eng nei kafen, déi dann erëm

eng Validéiert vun 5 Joer huet.

D'SNCA verschéckt ee Courrier ronn 3 Méint ier eng gülteg Vignette ofleeft, fir de Propriétaire vum Gefier drop hinzeweisen, dass déi aktuell Vignette ofleeft an erneiert muss ginn.

Obwuel dëst Verschécken vun engem Courrier de Notification net am Reglement virgeschriwwen ass, gëtt dat awer vun der SNCA gemaach, fir de Leit ze hëllefen hir Gefierer korrekt ze verwalten. Et gëtt awer kee Rappel fir dëse fakultative Courrier, wann de Propriétairë vum Gefier do näischt ënnerhëlt.

a) Ofgelaafen Conformitéit op oder nom 31.12.2019

Fir Gefierer déi elo eng Vignette de conformité hunn wou manner wei 2 Joer ofgelaf ass ze erneieren, dat si just déi wou den 31/12/2020 oder 31/12/2019 ofgelaf sinn, muss ee folgend Schrëtter maachen:

Et muss een 22.3€ op de Konto LU55 0019 4755 8078 4000 (BIC:BCEELULL) vun der SNCA iwwerweisen, am libellé muss een d'PLaquenummer vum Gefier uginn, an och den Text "Renouvellement vignette de conformité".
Den avis de débit, kann een dann entweder per Post un d'SNCA oder als Scan enger email un imm@snca.lu verschécken. Mir schécken da Per Post eng renouvelléiert vignette un de Propriétaire.

Et kann een awer och bei engem vun de site vun der SNCA laanscht kommen an dei direkt bei eis kafen.

b) Conformitéeit ofgelaaf virum 31.12.2019 (also den 31.12.2018 an virdrun)

Wann eng Vignette de conformité méi wei zwee Joer ofgelaf ass, a keng nei Vignette um Gefier ass, gëtt d' Gefier ofgemellt, well den "certificat d'immatriculation" ongülteg ginn ass. Dat ass esou am dann règlement grand-ducal du 26 janvier 2016 relatif à la réception et l'immatriculation des véhicules routiers am Artikel 14 , Paragraphe 1, Punkt h) definéiert. (Ech hunn Iech dësen Deel vum Art.14 vum Reglement hei elo kopéiert)

Art.14.

*(1) **La validité du certificat d'immatriculation** ou de la vignette de conformité **relatif à un véhicule routier expire de plein droit lorsque**:*

- *a) l'échéance de validité est atteinte;*
- *b) le document a été perdu ou il a été retiré par les fonctionnaires de la Police grand-ducale ou de l'Administration des douanes et accises;*
- *c) le véhicule a été perdu ou volé;*
- *d) le véhicule a été déclaré détruit ou hors usage;*
- *e) le véhicule est cédé à un nouveau propriétaire;*
- *f) le véhicule a été modifié ou transformé conformément à l'article 4, paragraphe 4 de la loi précitée du 14 février 1955;*
- *g) pour un véhicule soumis a l'obligation du contrôle technique périodique qui, sans avoir été valablement mis hors circulation sur la voie publique à titre temporaire, n'est plus couvert par un certificat de contrôle technique en cours de validité depuis plus de deux ans; cette échéance étant de quatre ans pour les véhicules historiques;*
- *h) pour un véhicule soumis à l'immatriculation mais non soumis à l'obligation du contrôle technique périodique qui, sans avoir été mis valablement hors circulation sur la voie publique à titre temporaire, n'est plus couvert par une vignette de conformité en cours de validité depuis plus de deux ans.*

Wann d' Validitéit vum certficat d'immatriculation of leeft, ass d' Gefier d'office ofgemellt, a muss "ré-immatriculeiert" ginn. Am règlement grand-ducal du 26 janvier 2016 relatif à la réception et l'immatriculation des véhicules routiers ass et och net virgesinn, dass do de Propriétaire vum Gefier do eng Notificatioun kritt, dass säi Gefier ofgemellt ass, well hien seng Vignette zënter 2 Joer net erneiert huet.

Fir elo d'Gefier mat enger ré-immatriculation erëm unzemellen muss eng "Demande en obtention d'un certificat d'immatriculation" ausgefëllt ginn, eng valabel Assurance RC virgeluegt ginn, een Timbre de chancellerie vun 50€ bezuelen ginn, den Certificat d'imamtriculation Deel I an II virleeën, a schlussendlech och eng nei Vignette de conformité zum Prais vun 22.3€ ttc kaf gi.

Wann ee Gefier ré-immatriculeiert gëtt, musse d'SNCA och den Artikel 43, Paragraphe 1, vum règlement grand-ducal du 26 janvier 2016 relatif à la réception et l'immatriculation des véhicules routiers applizéiert, wou verlaangt dass Plakkenummeren am ale Format net méi däerfen um Gefier bleiwen. Dat heescht ee Nummereschëld mat engem Buschtaf an 4 Zifferen oder zwee Buschtawen an 3 Zifferen, kenne net méi attribueiert ginn. Et muss een eng nei Nummer ufroen, déi entweder zwee Buschtawen an 4 Zuelen oder 4 Zuelen oder 5 Zuelen huet.
Personaliseiert Nummeren am Format zwee Buschtawen an 4 Zuelen oder 4 Zuelen oder 5 Zuelen däerfen drop bleiwen, falls se nach verfügbar sinn (déi ginn eréischt 5 Joer nom ofmellen fräi an et ka sinn dass schonn eng aner Persoun déi geholl huet wann d' Zwangoffmelung méi wei 5 Joer hir ass). (Ech hunn Iech dësen Deel vum Art. 43 vum Reglement hei elo kopéiert)

Art.43.

(1) Les véhicules ayant été immatriculés avant le 1er juillet 2003 sous un numéro d'immatriculation composé soit de deux ou de trois chiffres, soit de deux chiffres et de deux lettres, soit d'une lettre et de quatre chiffres, soit de deux lettres et de trois chiffres peuvent continuer à circuler avec ce numéro.
Dans le cas de la transcription d'un véhicule ou dans le cas de la ***réimmatriculation d'un véhicule suite à la péremption de son certificat d'immatriculation*** *par application des dispositions de l'article 4, paragraphe 8 de la loi précitée du 14 février 1955, ledit véhicule est immatriculé sous* ***un nouveau numéro d'immatriculation qui y est attribué conformément aux dispositions du présent règlement****.*

D'SNCA huet deemno bei dëne Gefierer näischt falsch gemaach an huet legitim gehandelt an all gesetzlech Virschrëften agehalen an applizéiert. Et ass och ze vermierken, dass d' SNCA ee fakultative Courrier schéckt fir d' Leit drop hinzeweisen, dass d' Vignette de conformité ofleeft an ze erneieren ass.

Dass elo dës Gefierer musse ré-immatriculeiert ginn, fir dës Situatioun ze regularisieren, ass gesetzlech a konform, an a kengster Weis duerch ee Feeler vun der SNCA entstanen respektiv der SNCA hir Schold."

11.05.2021